

Wann dann am Laf vum Joer 2006 méi Steiergelder erakomme wéi geduecht war, wéi geplangt war, a jiddefalls méi erakénnt wéi mer am Joer 2005 konnten erakréien, an de Budgetsprojéit fir 2006 hat jo och scho 4,4% méi Steiere virgesinn am Joer 2006, dann ass dat éischten eppes, wat hei pas-séiert, wat an allen aneren zwielef Eurolän-ner geschitt ass: Iwwerall ass opgrond vun der konjunktureller Erhuelung eng Besser-stellung, eng méi breet Konsolidéierung vun de Statsfinanzen ze observéieren; esou zwar dass d'Defiziter op 2% an der gesam-ter Eurozon am Joer 2006 erofgefall sinn.

An dann huet dat zu Lëtzebuerg, déi Tat-sach, dass mer méi Steieren erakritt hu wéi mer geduecht hunn, munech Konsequenz. Zum Beispill huet dat zur Konsequenz, dass d'Gemenge méi Sue kréien. Ass een hei-bannen, dee sech elo doriwwer sollt be-klöen? - well ech hu gesinn trotz allem, dass jo awer d'Finanze vun eenzelne Gemengen ugefaangen hunn, an eng ugestrengte Si-tuatioun eranzegoen. Dass duerch déi kon-junkturell Besserstellung, duerch méi Steiere bei de Privatleit, duerch méi héich TVA-Einnahmen, och d'Gemengebudgeten e bësse renflouéiert ginn, ass jo awer eng Saach, déi gutt ass.

Si gétt d'nächst Joer nach besser, well duerch déi bei der Autossteuer geplangten Erhéijung kéint jo och erm, vu dass 20% vun deene Recetten de Gemengen zu Recht zoustinn, méi an d'Gemengekeesen eran, esou dass dee Prozess do also viru-geet, wat erm een Element ka sinn, fir dass eis Gemengeverantwortlech - déi och wirk-lech verantwortlech jo awer fir hir Gemenge sinn, well mir hu gutt gefouert Gemengen hei am Land - sech mat där Fro vun deene sech pausenlos widderhuelenden Taxen-erhéijungen nach eng kéier wann ech gelift am Liicht vun deenen neien Zuelen, déi am Joer 2007 wäerten entstoen, solle beschäf-tigen.

Dat huet awer och zur Konsequenz, dass mer méi Steieren erakritt hu wéi mer ge-mengt hunn, dass den Defizit am Joer 2006 natierlech méi niddreg wäert ginn, wéi mer dat nach gemengt hunn, wéi mer de Budget fir d'Joer 2006 opgestallt hunn. A souwäit wéi ech dat gesinn, geet de Gesamtstats-defizit - dat heescht, alles zesummen, Sé-curité sociale, Gemengen an deen eigent-leche Stat - op eng Gréissenuerdnung vun 1% PIB-Punkten zréck, statt engem suppo-séierte virum Redressement conjoncturel opgestalltene Gesamtzeenario vun 1,7%. Mä den Defizit bei der Administration cen-trale bleift ëmmer nach 2,7%, ass also dait-lech héich, wann dat esou geet.

Am Joer 2005 hu mer e Gesamtstatsdefizit vun 1%, an am Joer 2006 kréie mer, souwäit ech dat gesinn, och e Gesamtstatsdefizit vun 1%. Da wier dat zënter 2004, wou deen 1,1% war, déi niddregst Defizitlät, déi mer an deene leschte Jore gemaach hunn, déi awer ëmmer nach, esou wéi mer dat och an eiseem Stabilitéitsprogramm rensignéiert hunn, ze héich ass fir ee Land, wat eben an engem Rhythmus vu 4 bis 5% wisst, wuelwëssend - an dat gétt seltenst gesot -, dass ee ganz grouse Batz vun deem Wirt-schaftswuesstum, wat mer réaliséieren, ex-klusiv der Finanzplaz zouzeschreiwen ass.

An dee Problem, dee mer an där leschter Legislaturperiod haten, an de Joren '01 an '02, war einfach ee Gesamtréckgang vun Konjunkturpak zu Lëtzebuerg, bedéngt duerch en Abroch a bestëmmtene Sparten op der Finanzplaz. Wie weess dann, ob dat sech widderhëlt oder net widderhëlt? Ech weess et jiddefalls net. Ech weess just eppes: Et ka sech all Moment widderhuelen. An dorausser ergëtt sech, dass een déi Re-cetten, déi een duerch d'Finanzplaz kritt, net därer considérieren wéi strukturell Re-cetten, déi sech all Joer widderhuelen. A wann een dat weess, da muss ee probéie-ren, déi Suen net alleguer auszeginn, an déi Suen elo an den Defizitoffbau ze bréngen, an huet een dat gemaach, se erm op déi Plaz ze bréngen, wou een normalerweis Re-serven ënnert den Daach bréngt.

D'Norweger, wat gescheit Leit sinn - déi gesi jo och wäit wa se op d'Mier kucken -,...

(Hilarité)

...déi hunn alleguer hir Pëtrolsrecetten a speziell Reserven ugeluecht. Ech hu gësch-ter mam President vu Kasachstan iwwert d'Lëtzebuurger Energieversuergung nom Joer 2015 diskutéiert. Dat ass eng Fro, mat

där ee sech schonn därer ufänken ze be-schäftegen. D'Kasachen, déi och grouss Erdölreserven hunn, hunn och elo e Pëtrols-fong ugeluecht, wou alles dat drafléisst, wat se u Mehreinnahmen, duerch déi iwwer-heichte Pëtrolspräisser par rapport zu deem, wat se eigentlech geplangt haten am Joer 2006, kréien.

Nu stellt Iech folgend Fro: Gëtt et net eng grouss Ähnlechkeet tëschent enger Rei vu Benefisser, déi eis Finanzplaz réaliséiert, well d'Bourssé weltwäit brummen, wou mir Steiere kréien, ouni dass mer selwer eppes dozou bäigeluecht hunn - d'Taxe d'abonne-ment explodéiert regelrecht am Joer 2006 -, mengt Der net, esou wéi d'Norweger a wéi d'Kasachen - fir emol ee Beispill vun hei an ee Beispill vun do ze huelen - misste mir et och mat engem groussen Deel vun den Ein-nahme vun der Finanzplaz maachen? Och wann ech gesinn, wat fir aussergewöhnlech Belaaschtungen en termes vu Finanzéie-rung a vun ofgesécherter Finanzéierung vun eisen Altersséchierungssystemer an den nächste 40 Joer op eis zoukommen.

Also wëll ech soen, dass d'Situatioun net esou gutt ass, wéi elo gemaach gëtt, dass ech soll gleewen, dass se wier. An déi Tat-sach, dass mer e puer 100 Milliounen Steiere méi erakritt hu wéi geplangt, ännert näischt drun, dass mer am Joer 2006 an am Joer 2007 en Defizit vu 40 Milliarde Lëtzebuurger Frang hunn. A wann e Privatmann Schold huet - 100 Frang - an hie wënn 60 Frang an der Lotterie, gëtt en da vu Begeeschterung direkt 160 Frang aus, oder probéiert e seng Schold ze bezuelen, esou dass en nëmme méi 40 Frang Schold huet?

Firwat soll de Stat ausgerechent et anescht maache wéi all rësonnabele Mënsch hei am Land, dee mat Suen ëmgeet...

(Interrupticon et hilarité)

...an deen, ouni dass en domat gerechent hat an ouni dass en et sécher gespuert huet, op eemol am Laf vum Joer méi a sen-ger Täsch huet, wéi e gemengt huet, dass en dran hat, mä awer nach ëmmer ee grousst Lach an der Täsch huet, an duerfir sech selbstverständlech net ëm dat bekëm-mert, wat hie méi an der Täsch huet, mä dorëm bekëmmert, dass en dat Lach, wat en an der Täsch huet, erm esou séier wéi méiglech gestoppt kritt.

An duerfir hu mer déi Problemer, déi mer hunn. Déi sinn net insurmontable, déi sinn explicable opgrond vun deene politeschen Décisiounen, déi vun 2001 bis elo geholl si ginn, an déi sinn dépassabel, surmontabel, well mer ganz genau wëssen, wéi mer bis an d'Joer 2009 zu enger Grondkonsolidéie-rung vun de Gesamtstatsfinanze kommen, fir déi erm un d'Nullgrenz plus/minus ze féieren, fir dass an där nächster Legisla-turperiod op geséchertem Buedem nei Politike kënnen entworf ginn.

Elo gëtt et vill Leit, déi net verstinn - wann d'Wirtschaft 4 bis 5% wisst, menge se also, mir hunn iwwerhaapt kee Problem -, firwat dass een da muss spueren an Ustrengunge maachen. Mä wéi d'Wirtschaft net gutt gaang ass, huet gelungenerweis jiddferee verstan, dass mer keng Ustrengunge géife maachen, fir ze spueren, well mer gefaart hunn, mir géifen d'Konjunktur an hirer Repriseméiglechkeet brieden, a well d'Leit jo souwisou scho méi schlecht dru waren.

Mä wann et hir gutt geet - der Economie -, wa se ëm 4 bis 5% wisst, wa mer also an enger Situatioun sinn, déi mer bei der Re-form vun europäesche Wuesstums- a Sta-bilitéitspakt „good times“ genannt hunn, da muss ee spueren, fir dass een net an d'Si-tuatioun kënnt, wann et der Konjunktur ërem schlecht geet, dass een da muss spueren, fir net an eng Verscholdungsspiral ze kom-men, well da kann een net spueren, well d'Situatioun souwisou scho méi schlecht ass.

Et muss een also spueren, wann d'Situa-tioun gutt ass, fir dass ee Margen huet, déi ee kann notzen, wann d'Situatioun erm eng kéier, wat d'Wirtschaftswuesstum ube-laangt, méi schlecht ass. An dat ass d'Philo-sophie, déi probéiert gëtt an der Eurozon-Finanzpolitik ze maachen, a wéi mer och

mengen, dass se richtig heiheem gemaach wier.

Mir müssen am Joer 2007 konzentréiert Re-flexioune féieren an enger Rei vu Beräicher vun der Politik. Et ass ganz evident, dass ee muss e kritische Bléck op d'Steierlandschaft werfen, soufern wéi d'Betribsbesteierung concernéiert ass.

Mir sinn amgaang a sämtleche Rankingen, déi opgestallt sinn, eis an déi schlecht Rich-tung am internationale Placement ze bewe-gen, nodeem mer duerch déi Reform, déi vill kritiséiert gi war, déi mer am Joer 2001 an am Joer 2002 gemaach hunn, notam-ment d'Ofsenke vun der Betribsbesteie-rung, eis an deem éischten Deel vun eu-ro-päesche Klassement beweegt haten.

Mir hätten, hätte mer déi Steierreform 2001 an 2002 net gemaach, ouni iergendeen Zweifel haut manner Suen an der Stats-keess, wéi mer se haten doduerch, dass mer déi Reform gemaach hunn. An duerfir war dat eng richtig Politik, déi deemools gemaach ginn ass, déi iwwregens och rela-tiv breet heibanne gedeelt gi war, wa meng Erënnerung mech net täuscht.

Mir müssen awer elo nach eng kéier ku-cken, wou mer dru si bei der Taxe d'abon-nement, beim Droit d'apport, bei der Kier-perschaftssteuer, fir ze kucken, wéi mer, vläicht iwwer eng Serie vu Jore gestreet, do zu enger cibléierter Ofsenkungspolitik kom-men, déi eis erm am internationale Klasse-ment besser positionéiert, wéi dat de Fall ass, ëmmer eingedenk der Tatsaach, dass mer e Lach an der Keess hunn an dass ee muss genau oppassen, wéi grouss a wéi breet a wéi déif dass een dat Lach an deene respektive Budgetsjore gi léisst.

Vläicht ass et och gutt, wann een dat mécht fir d'Betriber, och nach eng kéier fir d'Joren 2008 an 2009 - ech weess dat net genau, wéi een dat do ka maachen, dat ass ze fréi, fir dat genau ze spieren - nozekucken, wat d'Situatioun vun de Privathaushalter ube-laangt, wat deenen hir steuerlech Belaasch-tung betrëfft.

An där leschter Legislaturperiod hu mer keng Inflationsupassung vum Steiertarif gemaach, notament och dofir net, well mer jo eng Ofsenkung vun de Steiere ge-maach hunn an de Joren 2001 an 2002, wou ee konnt dovun ausgoen, dass déi In-flationsupassungsraim mat verwobe ge-wiescht wieren am Gesamtentlaaschtungs-pak.

Mam Accord vun de Sozialpartner hu mer och prinzipiell an der Tripartite zréckbehal-len - dat bënn d'Chamber selbstverständ-lech net; scheinbar fillen och eenzel Sozial-partner sech net méi esou richtig dorunner gebonnen -, dass et keng Tarifadaptatioun un d'Inflatioun géif ginn.

Dat muss ee sech a Rou ukucken - am Ze-summenhang awer mat der Aféierung, déi ech fir noutwendeg halen, vun engem Steierkredit fir déi Leit, déi bei Steierofs-enkungsprogrammer u sech net an de Genoss vun engem staark gesteigerte Revenu dis-ponible géifen trieden.

Dat ass net d'Negativsteuer - do huet de Wirtschafts- a Sozialrot jo erkannt virun zwee Joer, dass dat ee Wee wier, dee vun Techneschen hier schwéier ze begoe wier -, mä e Steierkredit fir déi Leit, déi vu Steier-entlaaschtungsprogrammer net schreck-lech vill profitéieren an déi besonnesch Laaschten hunn, ouni dass dat an d'Kate-gorie vun den extraordinäre Chargé géif fa-len.

Dat muss, gi mer un d'Betribsbesteierungs-landschaft, mat considéiert ginn, wa mer an enger équitabler Steierlandschaft um Enn vum Joer 2008 - wann dat da geschitt wier; ob dat geschéie kann, weess ech net, dat hänkt vu ville Saachen of - géife wëlle landen.

Op deem Wee dohi wënschen ech eis vill Freed!

» Plusieure voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Statsmi-nister. D'nächst Woch féiere mer d'Debatten hei iwwert de Budget fir d'Joer 2007.

Elo komme mer zum leschte Punkt vun ei-sem Ordre du jour vun haut. Dat ass de Pro-jet de loi 5535 iwwert d'Conférence de La Haye. Et si bis elo ageschriwwen: d'Ma-dame Flesch, den Här Klein, den Här Braz an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honora-belen Här Patrick Santer.



2. 5535 - Projet de loi portant approbation des amende-ments au Statut de la Confé-rence de La Haye de droit in-ternational privé, arrêtés par la Vingtième session de la Conférence, le 30 juin 2005

Rapport de la Commission juridique

» M. Patrick Santer (CSV), rappor-teur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hä-ren, d'Conférence de La Haye de droit inter-national privé ass 1893 gegrënnt ginn op Initiativ vun engem Här Tobias Asser, deen duerfir och de Friddensnobelpreis 1911 krut. Déi Konferenz, där haut méi wéi 60 Länner bäigetruede sinn, schafft Konven-tiounen aus, déi sech mat internationalem Privatrecht befaassen, mat Froe wéi: Wat fir ee Gericht ass zoustänneg, oder wat fir ee Rechtssystem ass applicabel zum Beispill bei engem Autosaccident, bei Adoptiounen oder Successiounen, déi en internationale Charakter hunn?

Lëtzebuerg ass zënter 1956 Member bei der Konferenz vun Den Haag an huet scho ronn 20 Konventiounen ratifizéiert. Bis elo konnten nëmme State Member vun där Kon-ferenz ginn. Wa mer dese Projet de loi hei gestëmmt hunn, kënnen och international Organisatiounen, sougenannten Organisa-tions régionales d'intégration économique an un éischer Stell d'Europäesch Gemein-schaft Member vun där Konferenz ginn, wat awer nach eng kéier ënnersträicht, datt déi Konferenz vun Den Haag pour le droit in-ternational privé eng wichteg international In-stituatioun ass.

De Statsrot, d'Commission juridique an d'CSV-Fraktioun hate kee Problem mat de-sem Projet de loi. Ech géif Iech also bieten, den Article unique ze stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

» Plusieure voix. - Très bien.

» M. le Président. - Merci, Här Santer. Wa soss kee méi eppes zu deem Projet de loi ze soen huet, da géing ech Iech propo-séieren, dass mer direkt zur Ofstëmmung vum Projet de loi kéimen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5535 ass eestëmmeg uge-holl mat 55 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Ma-rie-Thérèse Gantenbein-Koullen, M. Marcel Glesener (par M. Marcel Oberweis), Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par Mme Nancy Arendt), MM. Fred Sunnen (par M. Marco Schank), Lucien Thiel et Lucien Weiler;

MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. Roger Negri), John Casteg-naro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ro-land Schreiner);

M. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Claude Meisch), MM. Charles Goerens, Henri Gre-then, Paul Helminger (par Mme Anne Bras-seur), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Domat si mer um Enn vun deser Sitzung.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 16.51 heures)

«Chamber aktuell»

Chamber TV vous propose tous les vendredis à 19.00 heures un résumé de l'activité parlementaire de la semaine. L'émission est rediffusée le même soir à 20.00, 21.00, 22.00 et 23.00 heures